



MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

12. 7430 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accèsion de la République de Macédoine du Nord, signé à Bruxelles, le 6 février 2019

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'immigration et de l'Asile

Eisen nächste Punkt ass de Projet de loi 7430 iwwert de Bäitrëtt vun Nordmazedonien zur NATO. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur vun deemem Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Jo, Merci, Här President. Léif Kolleeinnen a Kollegen, Här Minister, mat deemem Projet de loi 7340 approuvéiert ons Chamber haut de Protokoll zur Accessioun vun der Republik Nordmazedonien zum Traité de l'Atlantique Nord. An domat gëtt Nordmazedonien dat 30. Memberland vun der NATO.

Dir wësst jo, dass et bei der NATO déi sougenannten „Open Door Policy“ gëtt. An des Policy ass am Artikel 10 vum Traité vum Atlantique Nord vum 4. Abrëll 1949 niddergeschriwwen. Den Traité gëtt och „Traité de Washington“ genannt. An ech zitéieren deen Artikel, dee seet: « Les parties peuvent, par accord unanime, inviter à accéder au Traité tout autre État européen susceptible de favoriser le développement des principes du présent Traité et de contribuer à la sécurité de la région de l'Atlantique Nord. »

Nordmazedonien, deemools nach ënner engem aneren Numm, ass säit Métt den 90er Jore mat der NATO involvéiert an huet am Kader vum MAP, vum „Membership Action Plan“, eng Rei Reformen op militäreschem, politeschem, wirtschaftlech a juristeschem Plang duerchgefouert. Och huet d'Land tëschent 2002 an 2014 bei der ISAF ënnert dem Lead vun der NATO Truppen am Afghanistan deployéiert an ass och haut nach mat 47 Mann oder Leit vu senger Arméi präsent an der Resolute Support.

(**M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.**)

Den Haaptobstakel zur nordmazedonescher Membership bei der NATO war de Sträit ëm den Numm vum Land mat Griichenland. D'NATO huet 2008 decidéiert: « (...) qu'une invitation serait faite à l'ex-République yougoslave de Macédoine dès qu'une solution mutuellement acceptable aura été trouvée à la question du nom », an des Positionen gouf dann op verschiddenen NATO-Sommeten ëmmer erëm widderholl.

An deem Kontext koom et dann endlech am Juni 2018 zum sougenannten „Prespa-Accord“ tëschent Athen a Skopje ënnert der Leedung vun de Vereenten Natiounen.

Erlaabt mer, just kuerz op dësen Accord anzugehen, well et an engem Zäitalter vun enger Rei vu Konflikter, déi oftmools onléisbar schéngen, weist, dass Diplomatie a politesche Courage Länner kënnen zesummebréngen.

1991 ass Nordmazedonien nom Zerfall vu Jugoslawien onofhängeg ginn. An am Verglach zu villen anere jugoslaweschen Deelrepublike war dat eng friddlech Onofhängegkeet. Dat Land huet dann den Numm kritt „Sozialistesche Republik Mazedonien“.

D'Griichen haten awer mat deem Numm Bedenken, souwuel historiesch wéi och kultureller Natur. An anscheinend och aus Sécherheetsaspekter hate se Problemer mat deem Numm. Eng ganz Rei vu Léiungsversich a Mediations-efforten hunn all feelgeschloen.

Och wann 1995 déi zwee Länner hir bilateral Relatiounen formaliséiert hunn an eng Solution

intermédiaire ausgehandelt hunn, ënnert där se sech derzou verflucht hunn, eng permanent Léisung ze fannen, hu sech Léiungsvirschléi ëmmer erëm zerschloen. Nach 2016 goufen et Provokatiounen op béide Säiten. Nationalistesche Kräfte hu Frustratiounen ausgenotzt an op de Problem vum Numm iwwerdroen.

2017 ass et dann no de Wahlen an der fréierer Republik Mazedonien zu enger neier Koalitioun komm. Ënnert der Leedung vun de Sozialdemokraten an dem Premier Zoran Zaev ass déi konservativ-nationalistesche Regierung ofgeléist ginn an et ass dann zu enger positiver Léisung am Sträit ëm den Numm komm. D'Haaptzil vun där Léisung war natierlech déi euro-atlantesch Integratioun.

Och de griichesche Premierminister Tsipras huet sech enger Léisung vun deemem Sträit verschriwwen, wuelwëssend, dass dës Wee politesch Käschte mat sech géif bréngen.

No der Ënnerschrëftszeremonie den 12. Juni 2018 ass de Premier Tsipras dann och als éischte griichesche Premier säit der nordmazedonescher Onofhängegkeet op nordmazedonesche Buedem gaangen.

An de 25. Juni 2018 huet dann de griicheschen Ausseministère der EU an der NATO Bescheid gesot, dass se sech net méi géint d'Accessioun vun Nordmazedonien an d'NATO an och an d'EU géife stellen.

De 6. Februar 2019 hunn déi 29 NATO-Memberen den Accessiounsprotokoll fir Nordmazedonien ënnerschrifft.

An effektiv huet dës Schrëtt, fir de Problem vum Numm ze léisen, vill politesche Courage kascht an e Wëllen, seng eegen Interëten deeweis fir d'Allgemengwuel anzusetzen (veuillez lire : ze affären). Politesche Courage, well mir wëssen, dass a Griichenland Sondagen duerchgefouert gi si vu Medien. An do waren iwwer 60 % vun de Leit géint deen Numm. Et huet also Courage vum griichesche Premier Tsipras gefuerdert.

An Nordmazedonien huet d'Populatioun an engem Referendum mat grousser Majoritéit de Changement vum Numm ënnerstëtzt. Woubäi een awer muss soen, dass just 37 % vun de Leit hir Stëmm ofginn hunn.

Sécher haten déi zwee Politiker hir eegen Interëten, mä allen zwee hu se missen duerch d'politescht Feier goen, fir den Accord ofzeschleissen an dann ze ratifizéieren.

An ech mengen och, zu Recht goufe si zwee 2019 och fir de Friddensnobelpreis virgeschloen. An enger Region, wou ethnesch an identitär Reiweieren nach ëmmer e Potenzial fir Konflikter a Gewalt biergen, ass dësen Accord en Testament dofir, dass Brécke bauen eng besser Léisung ass.

Et bleift ze hoffen, dass dësen Accord och eventuelle politesche Changementer an deenen zwee Länner standhält.

Et ass elo un den 29 NATO-Memberlänner, fir de Protocole d'accession ze ratifizéieren, ier en a Kraaft triede kann. A mengem schrëftleche Rapport konnt Der liesen, dass bis ufanks Mee an engen zielef NATO-Memberlänner d'Parlamenten schonn den Accord ginn haten. Mëttlerweil, op den Dag vun haut, sinn dat der schonn 20, wann ech richteg informéiert sinn. An ech géif lech dofir bieden, haut hei dës Projekt och ze stëmmen. An ech ginn am Numm vun der LSAP den Accord heizou.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och dem Här Rapporteur. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech mengen, et ass net vill ze soen nom Marc. En huet e ganz gudd Schrëftlechen a mëndleche Rapport gemaach. En huet souguer am Fong dës Accessioun och an e politesche Kontext gesat. Déi lescht, déi mer haten, deen 29. Member, dat war jo ... Dat hei ass Nordmazedonien, an dat anert war de Montenegro. Dat huet geklappt. Dat hei wäert och klappen. A mir wäerten och hei eisen Accord ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. Dann huet den Här Eugène Berger d'Wuert.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Och fir d'Alleréischte e grousser Merci un de Rapporteur, de Marc Angel, dee jo och Member vum NATO-Parlament ass, wéi och scho mäi Virriedner an ech selwer och. Dat heescht, dass mir eis duerfir och erlaben, dann zu deemem Projet kuerz ze schwätze respektiv eis och méi oder wéineger drop beschränken, den Accord ze ginn.

Ech wëll awer trotzdeem soen, dass et ganz interessant war, dass de Rapporteur do awer op den Historique agangen ass. Et ass jo heiansdo scho ganz verwonnerlech, dass et eigentlech ... Hei ass et jo praktesch am Endeffekt nëmmen ëm en Numm gaangen, wou sech drëm gestridde ginn ass; wann een dat esou aus der Distanz kuckt. Et sief! Ech mengen, mir sinn alleguete frou, dass et awer zu deem Accord komm ass, wou d'Diplomatie voll gespillt huet. Dat ass eigentlech dee richtige Wee.

Mir freeën eis drop, fir deemnächst dann zu 30 an der NATO ze si respektiv do och nei Memberen an d'NATO-Parlament ze kréien. An ech mengen och, dass hei Nordmazedonien elo an d'NATO kënnt, dat ass sécherlech och e Plus - dat wëll ech awer och ervirhiewen - fir eng gutt Zesummenaarbecht an deem euro-atlantesche Bündnis.

Dat gesot, géif ech op alle Fall, Dir hutt et verstanen, och den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet abréngen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Stéphanie Empain.

► **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Villmools Merci och dem Rapporteur hei fir de Rapport a fir den Historique op alle Fall. E ganz besonnesche Merci fir ee vun de leschte Sätz: „Brécke bauen“ ass nach ëmmer dat Besch, wat ee ka maachen! An dat huet dës Geschicht, wat jo awer och en Erfolleg ass, um internationale Plang gewisen.

An domat ass deem net méi derbäizefügen, dofir vun eis och den Accord fir dës Projekt de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci. An dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Här President. Ech wëllt och vläicht ufänken, fir dem Marc Angel villmools Merci ze soe fir e ganz gudden Exposé, souwuel mëndlech wéi schrëftlech. Dat gëtt ëmmer gesot. Et ass och vollkomme begrënt.

Déi Extensioun vun der NATO hei wërft Froen op.

Déi éischt ass natierlech, wann ee kuckt, wat an Nordmazedonien geschitt, da mierkt een: Dat ass e Land, wat Problemer huet. Et ass e Land, dat der Korruptioun ausgesat ass. Et ass e Land, dat Problemer mat Polizeigewalt huet, an nach eng ganz Rei aner Problemer, déi an de Mënscherechtsrapporte rensignéiert sinn.

A fir eis stellt sech dann natierlech d'Fro: Si mir als NATO eng Communauté de valeurs, eng Wäertgemeinschaft? Awéiwäit si mer dat iwwerhaupt nach? Oder si mer just nëmmen eng militäresch Allianz?

Mir hunn aner Länner an der NATO, déi gravéierend Mënscherechtsproblemer hunn, zum Beispill d'Tierkei. An ech mengen, et ass ganz wichteg, dass mer, wa mer iwwer eng Communauté de valeurs am Weste schwätzen, och géintiwuer deene Staten an och an den NATO-Gremien insistéieren, dass déi Defaillancen am Mënscherechtsberäich musse redresséiert ginn, déi do festgestallt ginn.

Och am Verhältnis mat Russland ass en NATO-Elargissement ni eppes Einfaches. D'Russen hu Bedenken. Aus hirer Perspektiv ass dat och nozevollzéien. Mä mir sti kloer zu deem Prinzip, dass all Land fräi kann decidéieren, wéi eng Allianz et wëllt fir sech selwer wielen.

Trotzdeem musse mer och, wa mer d'NATO erweideren, eis ëmmer erëm d'Fro stellen: Wéi regelt mer dann d'Verhältnis zu Russland? Mir hunn alleguer virun e puer Deeg eng Deklaratioun geschéckt kritt, iwwert den Här Chamberspräsident, vum ieweschte federative Rot vun der Russescher Republik, an där nach eng Keier gefuerdert gëtt, dass mer mussen ewechkomme vun deem Klima vu Konfrontatioun an hin erëm zu engem Dialog tëschent de politeschen a militäreschen Instanzen, tëschent der Russescher Federatioun an den NATO-Gremien.

Ech mengen, dass ass dee richtige Wee. Mir haten als ADR scho jorelaang gesot, dass déi Sanktiounen zu näischt féieren, déi mer elo hunn. An et huet sech och bewisen am Conseil de l'Europe elo virun e puer Deeg, dass déi russesch Delegatioun hir Pouvoir confirméiert krut, obscho sech um Terrain, notament zum Beispill an der Krim, jo näischt geännert huet.

Et ass einfach eng real politesche Entwécklung. A mir verléieren Zäit an eise Relatiounen mat Russland, wa mer net déi Entwécklungen anticipéieren an einfach dee Schrëtt maachen, fir ze probéieren, Negociatioun do anzeféieren, wou bis elo nëmmen eng Sanktiounslogik fruchtlos applizéiert gëtt.

Mir mussen dee Schrëtt maachen. An ech mengen, et ass elo, och wa mer d'NATO elar-

géieren, wat mir och als ADR matdroen. Wéi gesot, mir akzeptéieren, dass all Land seng eegen Allianze ka sichen. Mä mir verlaangen awer och, dass mer net an enger Logik vum Kale Krich an Europa hänke bleiwen, déi sech souwi-sou schwéier justifizéiere léisst, wann iwwerhaupt, an zrëckkommen op e Mateneen, wa méiglech och mat der Russescher Federatioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président de séance*.- Merci och. An den nächste Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Et ass jo bekannt: Fir fir Entspannung a Friden ze suergen am Verhältnis mat Russland, muss een déi militäresch vun den USA dominiéiert Allianz NATO stäerken a féerden.

Ech hu wierklech den Androck, dass mer amgaange sinn, e bësse geckeg ze ginn, well ech verstinn ëmmer manner, inwiefern een an der aktueller Situatioun, wou jidderee weess, dass d'NATO u sech soss näischt ass wéi e Militärbündnis, dat géint Russland ausgerichtet ass, ... Domadder wëll ech natierlech net, pour ceux qui ne l'auraient pas encore compris, d'Regierung vum Här Putin oder deem seng Politik verteidegen. Mä op jidde Fall wësse mer, dass eng Verstärkung vun der NATO op jidde Fall net fir Entspannung suert, iwwerhaupt d'Existenz selwer vun der NATO op jidde Fall net fir Entspannung suert.

Dat haten déi gréng deemools och souguer nach verstane während dem Kale Krich. Anscheinend hu se dat och elo vergiess.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

Ech wëllt awer och nach soen - ben, et ass gesot ginn -, dass e Referendum an Nordmazedonien war. Dee Referendum, do hunn iwwer 90 % vun de Leit fir de Bäitrëtt an d'NATO natierlech gestëmmt. Et hunn awer nëmme 37 % vun de Leit participéiert, soudatt de Referendum keng Gültegkeet hat. Grosso modo: Et hunn nëmmen déi Leit matgestëmmt, déi fir de Bäitrëtt an d'NATO sinn.

Et kann een dervun ausgoen, dass an Nordmazedonien eng Majoritéit vun de Leit géint dee Bäitrëtt an d'NATO sinn. An ech mengen, déi Leit wësse wahrscheinlech och wouweinst. Obwuel immens vill Drock gemaach ginn ass an déi ganz Notabilitéit vun der EU, vun der NATO an natierlech vun der amerikanescher Ambassade zu Skopje do präsent war, fir wierklech vill Drock auszeüben op d'Bevëlkerung, a Mazedonien quasi mat Drokulisse geschafft huet: „Wann Der dat net maacht, wa mer net bätrieden, dann ass erëm Chaos.“

Ech menge souguer, dass et an déi aner Richtung wäert goen, dee Bäitrëtt vun Nordmazedonien. Ech mengen, dass dat déi nationalistesche Kräfte an Nordmazedonien - ech sinn net deen Eenzege, deen dat mengt - wäert stäerken, well, et muss een et einfach soen, ganz vill Leit an Nordmazedonien net zefridde si mat der Situatioun, dass hir Regierung eng Decisioun trifft, déi u sech net dem Wëlle vun der Bevëlkerung entsprécht. An dat opgrond vu fierchterlechem Drock, dee vu Washington koom oder vu Bréssel oder vun deene verschiddene Capitalen hei an Europa.

Dofir wäerte mir natierlech och, vläicht e bëssen esou wéi dat mazedonescht Vollek et vläicht och gemaach hat, géint dës Projekt stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här President. Merci dem Rapporteur Marc Angel fir de gudden Rapport. Mir freeën eis, dass Nordmazedonien a Griichenland erëm zesumme fonnt hunn an de Wee fräigemaach ginn ass, fir dat neit Memberland an der NATO opzehuelen.

Mir ginn awer och ze bedenken, dass d'NATO net alles däréif stillschweigend hinhuelen, a ginn och do ze bedenken, dass d'Positiounen vun der Türkei, notament fir op eemol do russesch Rakéiten ze positionéieren, net einfach esou vun eise Länner dierfen nogekuckt ginn, mä dass een do och eng kloer Positioun soll huelen.

Mir wäerten haut d'Unerkennung fir de Bättrëtsprotokoll vun Nordmazedonien matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, en remplacement de M. Jean Asselborn,*



Ministre des Affaires étrangères et européennes. - Jo, Merci, Här President. Bon, ech géif vun dëser Plaz aus den Här Ausseminister Jean Asselborn entschëllegen, dee leider am Ausland ass. En huet mech gebieden, dëse Projet ze begleeten an och kuerz ze belichten.

Engersäits e grouse Merci och un de Rapporteur, de Marc Angel, fir säi schrëftlechen, mä virun allem och de mëndleche Rapport de Mëtteg.

Ech mengen, en huet zu Recht, éischters, op den Accord vu Prespa higewisen a virun allem och op d'Auswirkungen dovunner, well dat genau och eben den 12. Februar 2019 zur Republik Nordmazedonien gefouert huet, op där enger Säit, a virun allem och den Declic war, fir dësen Accord auszuhandelen, Gespréicher ze féiere mat der NATO. An effektiv, am Oktober 2018 sinn dës Gespréicher zu Enn komm.

An ech mengen, dëse Protokoll gëtt elo vun deenen eenzelne Parlamentarier ratifizéiert, vun deene 29 Parlamentarier de Moment, wou der an der Tëschenzäit schonn 19 dëse Protokoll ratifizéiert hunn. Mir sinn also haut de Mëtteg dat 20. Land, fir ze ratifizéieren.

Op där anerer Säit, mengen ech, ass et awer och wichteg, dee Wee ze wëssen, deen Nordmazedonien gaangen ass an där leschter Zäit, an datt et virun allem och am Virfeld dee sougenannten „Membership Action Plan“ vun der NATO matgemaach huet, an awer och d'Roll ze kennen, déi grad och Mazedonien gespillt huet am Kader vum Kosovo-Krich, respektiv datt et elo an Afghanistan nach viru präsent ass.

Ech mengen, d'NATO, déi awer zënter iwwer 20 Joer an der Regioun vum Balkan präsent ass, huet hei virun allem och probéiert an och fäerdegbruecht, datt eng gewësse Stabilitéit hei erakomm ass. An ech mengen, eng NATO, déi 1949 gegrënnt ginn ass a wou an der Tëschenzäit 17 nei Memberstate bäikomm sinn, ass ëmmer oppen, fir nei Memberstate bäizehuelen.

An deem Kontext vläicht och eng kuerz Reaktioun engersäits op dat, wat dem Här Kartheiser seng Ureegung ugeet, eng richtig, déi ech deelen, dat ass de Volet vun de Mënscherechter. Ech fannen och, datt d'NATO ganz enk muss en Iwwerbléck behalen iwwert d'Akzeptanz a virun d'Anhale vun de Mënscherechter, och vun de Membere vun der NATO.

An doriwwer eraus ass et virun allem awer och richtig, mengen ech, wéi den Här Wagner zu Recht gesot huet, datt mer virun den Dialog par rapport zu Russland mussen oppen halen. Et ass jo och genau dat, wat Lëtzebuerg mécht an och d'NATO mécht: eben ze kucken, iwwer bilateral Gespréicher och virun am Dialog ze bleiwen.

An deem Sënn soen ech sämtleche Fraktiounen Merci, datt se dësen Accord ënnerstëtze respektiv hir Meenung heizou geäussert hunn. Merci bien.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Minister. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7430. Den Text steet am Document parlementaire 7430².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7430 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7430 ass mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

13. Débat d'orientation sur l'agriculture biologique

Dee leschte Punkt vum Ordre du jour ass d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Biolandwirtschaft. D'Riedezeit ass nom Modell 1 festgelegt. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Martine Hansen, den Här Gusty Graas, d'Madamm Tess Burton, den Här Jeff Engelen, den Här David Wagner, den Här Marc Goergen an d'Madamm Octavie Modert.

Als Éischt héiere mer zu dëser Orientéierungsdebatt den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

► **M. François Benoy (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Hären, wa mir haut iwwert d'Zukunft vun der Lëtzebuurger Landwirtschaft schwätzen, dann erkenne mir d'Aarbecht vun der Landwirtschaft un. Wat gëtt et méi Nobeles, wéi gesond Liewensmëttel ze produzéieren a mat der Natur ze schaffen? D'Landwirtschaft erfëllt e kruziale Rôle an onser Gesellschaft. An dowéinst wollt ech op dëser Plaz fir d'Éischt emol alle Bauere Merci soe fir hir wäertvoll Aarbecht. A wa mir haut hei an der Chamber iwwert d'Zukunft vun der Landwirtschaft schwätzen, da well se ons um Häerz läit.

Gesond Liewensmëttel, déi am Aklang mat der Natur, dem Waasser an dem Buedem produzéiert ginn a wou d'Déieren aartgerecht gehale ginn, fair Präisser fir dem Bauer seng Produiten a gutt Zukunftsperspektive mat regionalen Ofsazmärten: Dat Bild vun der Landwirtschaft entsprécht awer leider net ganz deem, wat mir am Moment zu Lëtzebuerg an och an anere Länner virfannen. Et ass awer onst Zil, fir dohin ze kommen!

Dofir brauche mir keen neit Konzept ze erfannen, dat ass näamlech d'Biolandwirtschaft, mä mir musse kucken, de Kader ze schafen, dass esou vill wéi méiglech Bauere mat op dee Wee ginn. De Wee vun enger nohalteger Landwirtschaft. De Wee vun enger méi déierefrëndlecher Landwirtschaft. De Wee vun enger méi diversifizierter Landwirtschaft. De Wee vun enger Landwirtschaft, déi méi no bei der Demande vum Konsument ass. De Wee, fir de Baueren erëm méi Zefriddenheet a besser Zukunftschancen ze ginn.

An et ass genau dëse Wee, deen d'Regierung goe wëllt, näamlech fir a Richtung 100 % Bio hinzeschaffen a schonn am Joer 2025 20 % vun onse landwirtschaftleche Flächen ëmgestallt ze hunn. Dat ass ganz ambitiéis, mä ech sinn iwwerzeugt, dass, wa mir d'Weichen an dës Richtung stellen, wa mir ons déi néideg Moyene ginn, zesumme mat allen Akteuren, dass mir dat dann hikréien am Sënn vum Secteur, de Konsumenten an der Ëmwelt.

A genau dofir hunn ech d'Orientéierungsdebatt iwwert d'biologesch Landwirtschaft ugefrot: Fir dass mir hei an der Chamber ons kënnen iwwer méiglech Mesuren austauschen, fir ons héich Ziler ze erreechen, an dass déi Iwwerleeunge an deen neie Bioaktiounsplang respektiv d'Mesuren, déi drunhänken, kënnen afléissen.

Mir Gréng begreifen et ausdrécklech, dass de Landwirtschaftsminister net gewaart huet, mä direkt no der Regierungsbildung ugefaangen huet, un dësem Projet ze schaffen. De Romain Schneider huet ons voll Ënnerstëtzung.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, zanter den 1960er Joren huet d'Landwirtschaft e radikale Wandel matgemaach, hin zu méi grouse Betriber mat méi grouse Flächen, méi Maschinnen a méi Béischten. Wann an den 1960er Joren nach iwwer 10.000 Leit op 9.000 Betriber geschafft hunn, sou waren et 2015 nach 3.500 Leit op 1.800 Betriber. Vun den 130.000 Hektar landwirtschaftlecher Fläch ginn der am Moment 6.000 biologesch bewirtschaft, wat ronn 4 % ausmécht. Domat leie mer ënnert dem europäeschen Duerchschnëtt, deen 2016 bei 6,7 % louch. D'Landwirtschaft mécht just 0,3 % vun onsem PIB aus an domat huet se e klengen ekonomeschen Impakt. Derbäi kënnt, dass d'Landwirtschaft fir den duerchschnëttleche Betrib e Verloschtgeschäft ass a just vu Subventiounen leeft.

Ongeféier d'Halschent vun der landwirtschaftlecher Fläch si Wäsen a Weeden an déi aner Halschent ass Akerland, wouvun d'Halschent fir Kären ass an och e groussen Deel fir d'Fudder vun de Béischten. Et kann een also soen, dass d'Lëtzebuurger Landwirtschaft sech virun allem

op d'Mëllech- a Fleeschproduktioun spezialiséiert huet, wouvun en Deel och exportéiert gëtt. Uebst a Geméis gi weéneeg zu Lëtzebuerg produzéiert. 2015 waren et, inklusiv de Gromperen, grad emol 3 % vun der gesamter landwirtschaftlecher Produktioun.

D'Landwirtschaft huet awer och en Impakt op d'Natur an d'Ëmwelt. Duerch d'Remembréierungen an déi grouss Maschinne sinn an de leschte Jorzéngte vill Liewensraim am Offenland zerstéiert ginn, wouduerch d'Biodiversitéit zrëckgoung.

2017 goufen am Agrikultursektor 0,8 Milliounen Tonnen CO₂ ausgestouss. Dat si knapp 10 % vun de gesamten Emissiounen hei am Land. An och onse Buedem an onst Waasser leiden ënnert de Monokulturen, der Düngung an dem Asaz vun de Spréizmëttel. Ronn 70 % vun onsem Waasser si mat Pestizide belascht.

(Interruption)

Ech wëll op dëser Plaz nach eemol an aller Däitlechkeet soen, dass de Strukturwandel an der Landwirtschaft mat all senge Konsequenzen eng Suite vun de politeschen Entscheedungen aus de leschte Jorzéngten ass. D'Landwirtschaft ass e Sektuer, wéi ech et virdu gesot hunn, deen duerch Subventiounen funktionéiert, an also goufen d'Bauern duerch politesch Entscheedungen, europäescher an nationaler, an déi falsch Richtung orientéiert.

Dat heescht fir mech awer och, dass et un der Politik ass, fir d'Weichen elo anescht ze stellen, endlech aus de Feeler ze léieren an net ëmmer erëm d'Problemer nom selwechte Muster unzepaken. Déi politesch Stréimungen, déi d'Landwirtschaft dohinner bruecht hunn, wou se haut steet, wëlle par force un deene Systemer festhalen.

Loosst ons de Baueren eng nei Perspektiv ginn, eng nei Zukunft ginn, fir dass si kënnen gutt mat der Natur zesummeschaffen an net géint d'Natur! Fir dass si déi Produiten och kënnen produzéieren, déi de lokalen a regionale Konsument och hei wëllt konsuméieren, an dass si esou net weider um Weltmarché musse mat Konzernkonkurrenz, mat deene se guer net konkurréiere kënnen! A fir dass d'Betriber net ëmmer musse méi grouss ginn, mä och kleng Betriber gutt iwwerliewen!

An deem Sënn heescht Zukunft, wéi och d'Rifkin-Strategie an de Koalitionsaccord et festgehalten hunn, méi biologesch a lokal gebonne Landwirtschaft.

De grouse Kader vun der Landwirtschaftspolitik gëtt wuel op europäeschem Niveau gemaach, mä déi national Ëmsetzung gëtt vill Méiglechkeeten, fir ons a Richtung méi Nohaltegkeet ëmzestellen a weider Mesuren ze huelen.

Här President, Dir Dammen an Hären, an der biologescher Landwirtschaft ass de Gebrauch vu Pestiziden an Dünger vill méi streng reglementéiert an dofir ass de Bio och besser fir d'Biodiversitéit, d'Grond- an d'Quellwaasser an de Buedem. Duerch eng manner intensiv Buedembearbeitung an Düngung ass se och méi klimafreundlech. Eng Etüd vun de Forschungszentren IBLA a FiBL beleet och fir Lëtzebuerg, dass Bio besser fir d'Biodiversitéit ass. Am Gréngland féinnt een zum Beispill 30 % méi Kraider op Biofläche wéi op konventionelle Wäsen a Weeden.

D'biologesch Landwirtschaft stéisst souwuel pro Hektar wéi och pro Tonn Ertrag manner Zäregasen aus. Dat huet eng rezent Laangzeitëtüd vun der Uni Gießen an dem Fuerschungsinstitut FiBL erausfonnt, déi verschidden Akerkulturen verglach huet. Biologesch Flächen hu pro Hektar 40 % manner Laachgasemissiounen opgewise wéi konventioneller.

Och a puncto Déiereschutz schneit de Bio besser of. Hei gëtt et méi streng Virgabe bei de Ställ, der Haltung, dem Fudder a manner Antibioticken. Wou an der konventioneller Landwirtschaft d'Kéi d'ganz Joer iwwer kënnen am Stall gehale ginn, muss d'Häerdendéier am Bio Auslaf kréien. Och Schwäin hunn am Bio méi Plaz, kréie méi frësch Loft an Auslaf an däre maximal zur Halschent op Spalte stoen. A Biohénger hunn den Normen no och méi Plaz an Auslaf.

Well an der biologescher Landwirtschaft keng chemesch-synthetesch Pestiziden an Antibioticken agesat ginn, ass de Bauer de Gefter och manner ausgesat an et si manner Réckstänn an de Liewensmëttel, wat besser fir d'Gesondheet ass. Duerch den zousätzleche Kontrollsystem ass de Konsument och nach besser geschützt.

Am Bio ass Gentechnik och bei de Fuddermëtzel verbueden an et gëtt méi eng grouss Planzendiversitéit. Allgemeng ginn d'Déieren an de Planzenubau als ganzheetlech Konzept gesinn, wat buedemgebonne soll funktionéieren, also mat manner Zoukaf vu Kraaftfudder zum Beispill, wat jo och en negativen Afloss op d'Bilanzen huet.

D'Biobetriber sinn och méi diversifizéiert wéi déi konventionell a bidde verschidde Produiten un. Och beim Akerbau hu si méi Kulturen a Fruchtfolgen, wat erëm besser fir d'Buedemfruchtbarkeit an d'Planzengesondheet ass a Biobetriber manner ufälleg mécht fir Schwankungen um Maart.

Op Biobetriber schaffen am Schnëtt duebel esou vill Leit a si ginn am Duerchschnëtt och besser bezuelt. Duerch de Verzicht op Pestiziden, méi mechanesch Onkrautbekämpfung a Fruchtfolge souwéi an der Produktioun méi breet opgestallte Betriber ass d'biologesch Landwirtschaft och méi aarbechtsintensiv. Duerch d'Potenzial an der Produktioun, der Verarbeitung an der Vermarktung am Bërich Bio kënnen also weider Aarbechtsplaze geschafe ginn.

Eng Woch virun der Debatt iwwert der Chamber hiren Avis zum drëtten Nohaltegkeetsplang vun der Regierung, deen déi global Nohaltegkeetsziler vun de Vereenten Natiounen op Lëtzebuerg deklinéiert, wëll ech hei och de Lien dozou maachen. D'biologesch Landwirtschaft ka maassgeblech zur Ëmsetzung vun den Sustainable Development Goals bäidroen. Mat der biologescher Landwirtschaft kënnen bei ronn der Halschent vun de 17 Nohaltegkeetsziler Verbesserungen gemaach ginn.

Här President, Dir Dammen an Hären, fir d'Konsumenten sinn d'Reckstänn vu verschidene Pestiziden am lessen eng vun den Hauptsuergeren. Zweek Drëtzel vun de Leit fannen, dass ze vill Pestiziden an der Landwirtschaft benotzt ginn. 94 % fannen d'Roll vun der Agrikultur beim Erhalt vun der Ëmwelt an der Landschaft wichteg. Dat huet eng Ëmfro, déi 2018 am Opdrag vum Landwirtschaftsministère gemaach gouf, erginn. Am Biolandbau därefen, wéi gesot, keng chemesch-synthetesch Pestizide benotzt ginn. E kënnt also dëser Demande vun de Konsumenten no.

D'Konsumenten zu Lëtzebuerg hätten gäre méi biologesch Produiten um Marché. Mat engem Pro-Kapp-Konsum vun 188 Euro d'Joer fir Bioproduite si mir op der véierter Plaz an Europa. Europawäit hu sech d'Ausgabe fir de Bio iwwerens vun 2010 bis 2016 vervierfacht.

An darselwechter Ëmfro vum Landwirtschaftsministère hunn d'lescht Joer 52 % vun de Befroete gesot, dass Bio e Kritär beim Akaf fir si ass. D'Leit wëllen also Bio a sinn och bereet, méi dofir auszeginn, gradesou wéi se vum Stat erwaarden, dass de Bio méi ënnerstëtzt gëtt, ënner anerem duerch méi biologesch Produiten an de Kantinnen, wéi och verschidden TNS-ILReS-Etüde confirméiert hunn.

Leider gëtt de Bedarf hei am Land awer wäit net aus der eenheemescher Produktioun gedeckt. Et ass also nach enormt Potenzial do, wat mir duerch eng weider Diversifizéierung vun der Produktioun, méi Verarbeitungsbetriber, besser Liewensmëttelketten a Vermarktung kënnen ausnotzen.

D'Demande no Bioproduiten hei am Land ass do a souguer héich. Amplaz dass mir nokuken, wéi déi Produiten importéiert ginn, solle mir ons Landwirtschaft esou opstellen an hir deen néidege Support ginn, dass mir e Maximum u Bioproduiten hei produzéieren an ofsetze kënnen.

Här President, Dir Dammen an Hären, als Liewensmëttelproduzenten hunn d'Bauern e ganz wichtige Beruff mat enger grousser Verantwortung. Dat gëtt iwwerens och unerkannt. An Däitschland zum Beispill ass, enger Ëmfro aus dem Joer 2017 no, nom Dokter de Bauer deen zweetwichtigste Beruff an den Ae vun der Populatioun. Duerno kommen de Polizist an den Enseignant.

D'Bauern zu Lëtzebuerg hunn iwwerens och Freed un hirer Aarbecht, wéi eng Etüd beleet, och wa se sech nach méi Wäertschätzung vun der Gesellschaft géife wënschen. Aus darselwechter Etüd geet iwwerens och ervir, dass d'Biobauern méi zefridde si wéi hir konventionell Kolleegen.

Och wa fir d'Halschent vun de Baueren am Moment keng Ëmstellung op Bio a Fro kënnt, wéi eng Ëmfro erginn huet, esou kann een awer festhalen, dass déi aner Halschent fir de Bio opgeschlossen ass. Bei de Wënzer sinn et der iwwerens nach méi. Bei de Bauere gëtt et also genuch Leit, déi oppe sinn, fir mat op de Wee ze goen. Mä elo heescht et, d'Ramebedéngunge schafen, fir dass d'Ëmstellen op Bio gutt funktionéiert a sech lount, well nëmme da ginn d'Bauern och mat op de Wee vum Bio.

Ëmmer erëm héiert ee Stëmmen, déi amplaz vum Bio méi op déi sougenannt „integriert